# Zinniklos, vergiess mech net




**1.** Zinniklos geet nees duerch d’Duerf,
mat vill Saachen an dem Kuerf.
An all Kanner wënschen dëtt:
„Zinniklos, vergiess mech net!

Zinniklos, Zinniklos, o vergiess mech net!
Zinniklos, Zinniklos, o vergiess mech net!“

**2.** Gudden Owend, hell’ge Mann,
wat ass an deem Kuerf do dran?
Gell, Du hues u mech geduecht,
eppes fir mech drageluecht.

Zinniklos, Zinniklos, fir mech drageluecht.
Zinniklos, Zinniklos, fir mech drageluecht.

**3.** Sangen nach e Lidd fir Dech,
Zinniklos, da frees De dech.
Dofir lee mir an de Schong:
Schock‘la fir meng schneekeg Zong.

Zinniklos, Zinniklos, fir meng schneekeg Zong.
Zinniklos, Zinniklos, fir meng schneekeg Zong.

**4.** Villmools Merci, bleif net sto’n,
well Du muss jo weider go’n.
Kuck, all Kanner freeë sech,
a si waarde schon op Dech.

Zinniklos, Zinniklos, waarde schon op dech.
Zinniklos, Zinniklos, waarde schon op dech.